LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°4677 vum 25. August 2026 vum éierewäerten Deputéierten Jeff Boonen**

- **Gouf de Shamonda- oder Shamonda-like-Virus schonn an engem Véibestand zu Lëtzebuerg nogewisen, respektiv ginn et Verdachtsfäll?**

De Shamonda-Like Virus gouf déi éischte Kéier de 25. August 2026, op Basis vu preliminäre Resultater, nogewisen. An enger éischter Phas sinn d'Tester op Poolprouwen pro Betrib gemaach ginn a konnt an 13 vun 20 Prouwen nogewise ginn.

- **Ginn zu Lëtzebuerg geziilt Analysen oder eng Iwwerwaachung vun de Ranner- a Schoofsbestänn duerchgefouert?**

D'ALVA, mat hirem Labo LVA zu Diddeleng, ass amgaangen en Testverfaren validéieren ze loosse fir a kierzter Zäit dës Analysen um Blutt kënne selwer zu Lëtzebuerg ze maachen. Vu dass et dëse Virus am Europäesche Raum virdrunner nach net gouf, waren nach keng Test-Kitten prett. Déi sinn awer mëttlerweil kommerziell disponibel a kënnen dann an de Laboe validéiert ginn. De Ministère huet och schonn eng Commande fir dës Tester an Optrag ginn.

Eng aktiv Iwwerwaachung fir de Virus ass net virgesinn, well dëse Virus net an der „Animal heatlh law" als Krankheet gefouert gëtt. Dëst bedeit, dass bei engem Verdachtsfall kënne Prouwen op dëse Virus ënnersicht ginn. De Landwirtschaftsministère gräift dem Secteur awer gären ënnert d'Äerm fir eng beschtméiglechst Diagnostik vun de Bestänn kënnen duerchzeféieren an esou eng zilféierend an effikass Behandlung kënnen ze garantéieren.

- **Wéi eng preventiv Moossname wëllt d'Regierung huelen, fir eng méiglech Ausbreedung vum Virus z'erkennen an anzedämmen?**

Beim Shamonda-Like Virus geet et ëm eng Viruserkrankung, déi iwwert e Vektor, op däitsch „Gnitzen" genannt (Gattung Culicoiden), iwwerdroe gëtt. Dës Vektoren sinn och responsabel fir d'Iwwerdroung vun der Blozong an der EHD Krankheet. D'ALVA huet an dësem Kader kommunizéiert fir an éischter Linn d'Verschleefung an d'Vermehrung vun de Gnitzen ze limitéieren an d'Déiere virun dësen Insekten ze schützen. Dëst ka gemaach ginn duerch d'Eliminéiere vu Mëschtekéip a vu stehendem Gewässer, ewéi zum Beispill Waasserpill, an op der anerer Säit duerch den Asaz vu Mécken-ofwierende Repellenten.

- **Wéi wëllt d'Regierung d'Baueren an d'Veterinären iwwer d'Symptomer, d'Risiken an dat néidegt Verhalen am Verdachtsfall informéieren?**

Schonn de 4. August an den 11. August sinn d'Veterinären iwwert de Virus an d'Beprouwung vun den Déiere fir Diagnostiktester an d'Bild gesat ginn. De 26. August 2026 huet d'ALVA, imminent no der Bestätegung vum Virus zu Lëtzebuerg (25. August 2026) e Communiqué un d'Veterinären, ewéi och de Vertrieder vum landwirtschaftleche Secteur verschéckt. An dësem Communiqué ass iwwert d'Symptomer, d'Risiken, dat néidegt Verhalen am Verdachtsfall, ewéi och déi epidemiologesch Situatioun am In- an Ausland informéiert ginn. An dësem Schreiwes ass och eng Ofännerung vun der Beprouwung erklärt ginn, déi un den neien Test adaptéiert ass.

- **Stellt de Shamonda-Virus e Risiko fir d'Bevëlkerung duer?**

De Shamonda-Like Virus ass fir de Mënsch net geféierlech an d'Consommatioun vun Déiereproduite vu betraffenen Déiere gëllt als sécher.

Lëtzebuerg, den 11. September 2026

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN